Hueschtert, Oktober 2016

Léif Elteren,

D'Jugendkommissioun vum US Hueschtert profitéiert vun der sportlecher Rentrée fir Iech eng exzellent Saison 2016/2017 ze wënschen.

Dir hutt Äer(t) Kand/Kanner fir di éischter Kéier an eng vun eisen Jugendéquipen ageschriwwen oder erneit ageschriwwen a mir soen Iech villmools Merci fir dat Vertrauen, dat Dir eis entgéint bréngt.

Den US Hueschtert ass eng Plaz fir sech ze begéinen, flott Momenter mateneen ze verbréngen an fir Frëndschaften ze schléissen, woubäi eis alleguer eng Leidenschaft verbënnt: de Fussball.

An dësem Kader engagéieren sech eis Trainer e Maximum fir d'Wuel an d'Zefriddenheet vun Äre(m) Kand /Kanner ze maachen.

1. Präsentatioun vun der Jugendkommissioun:

D'Jugendkommissioun ass ofhängeg vum Executivcomité vun der US Hueschtert, géréiert awer hiren eegenen Budget. Si setzt sech haaptsäechlech aus Spillerelteren zesummen, awer och aus Sympathisanten vun der US Hueschtert:

Präsident: CUNGS Metty
Sekretär: WEYDERT Fränk
Trésorier: MOCKEL Emile
Membren: ANTONICELLI-BECKER Katja, GOEDERT Marion, HANSEN Pit, HOFFMANN Anne, LANNERS Sylvie, LAUWERS Nicolas, OGER Tony, PROBYN Tim, RUPP Michel

2. Aufgaben:

D'Jugendkommissioun assuréiert d'Koordinatioun an d'Encadrement vun denen eenzelnen Jugendéquipen duerch folgend Aufgaben:

- Gestioun vun den Lizenzen a Zur-Verfügung-Stellen vun den Tricoten
- Koordinatioun vum Transport fir op den Training an op d'Matcher, an Zesummenaarbecht mat den Traineren, den Elteren an der Adminstratioun vun der Nidderaanwener Gemeng
- Organisatioun vun verschiddenen Manifestatiounen fir eis lizenséiert Spiller a ggf. Finanziell Bedeelegung dorunner (de Kalenner fannt Dir beim Punkt 5)
- Finanziell Bedeelegung un den Käschten vun eisen Jugendkoordinateuren (Misch Rupp fir d'Kategorien Bambinis, Pupilles a Poussins, an Claudio Granci fir d'Kategorien Cadets a Juniors), déi d'Respektéieren vun onsem Jugendkonzept iwwerpréiwen duerch regelméisseg Trainerversammlungen a verschidden Visite vun den Trainingen a Mätcher.

US Hostert a.s.b.l.
Commission des Jeunes
B.P. 59
L-6905 Niederanven

e-mail : cdj@ushostert.lu ou fweydert@best.lu
Tél. : +352 621 382 334 (président)

3. Sportlëch Wäerter:

Eisen Slogan seet : " méi ewéi e Footballsveräin…".

Mir hätten gären, dass sech d'Kanner mat onsem Club an onsen Wäerter identifizéieren an esou laang wéi méiglech Freed un hierem Sport hunn.

Football ass eng *Schoul fir d'Liewen*: Frëndlechkeet, Respekt, Fair-Play, Toleranz, Generositéit, Zesummenhalt an der Ekipp sinn net nëmmen Wäerter, déi am Sport wichteg sinn, awer och am Liewen.

Komm mir probéieren zesummen onsen Kanner dës Wäerter mat op hiren Wee ze ginn.

4. Saison 2016/2017 an Virstellen vun den Traineren:

Fir dës Saison sinn 8 Equipen vun der US Hueschtert an denen verschiddenen Jugendkategorien ageschriwwen, mat net manner wéi 250 lizenséierten Spiller.
D'Scolairen, d'Cadeten an d'Junioren spillen an der Entente Gréngewald, zesummen mat de Jugendlechen vun der Jeunesse Junglinster.
D'Traineréquipe setzt sech aktuell aus folgenden Leit zesummen:

- Bambinis: Metty Cungs, Gil Afonso, Henri Bossi (och Trainer vun der 1. Equippe)
- Pupilles: Marc Teerlink, Philippe Penning, Caroline Mockel
- Poussins: Marc Teerlink, Mich Stoll
- Minimes: Pol Hansen, Pol Lanners
- Scolaires: Mich Stoll, Emir Ceman
- Cadets: Pierre Schmitz, Conall Mc Nulty
- Juniors: Jhemp Ernzen
- Jeunes Filles: Declan O'Hannachrain

5. Rappel:

Fir datt mer all zesummen een erfollegräicht sportlech Joer kënnen zesummen verbréngen, zielen mer op Är Ënnerstëtzung:
Mir bieden Iech d'Trainingszäiten an d'Entscheedung vun den Traineren ze respektéieren: Si alleng sinn responsabel fir de sportlechen Aspekt vun hiren Equipen, d'Opstellung vun dësen fir d'Matcher an de proposéierten Programm.
Et wier flott, wann Dir Äer(t) Kand/Kanner bei sengen/hiren Matcher gifft kucken kommen: Et ass wichteg fir Äer(t) Kand/Kanner, fir datt et (si) sech ënnerstëtzt a wert geschäetzt fillt/fillen. Dir sidd säin/hiren beschten Supporter an et besteet keen Zweifel dorunner, datt Är Präsenz um Terrain him/hinnen immens Freed wäert maachen. Et/si wäert(en) stolz sinn, Iech seng/hir Fortschrëtter um sportlechen Niveau kënnen ze weisen…

US Hostert a.s.b.l.
Commission des Jeunes
B.P. 59
L-6905 Niederanven

e-mail : cdj@ushostert.lu ou fweydert@best.lu
Tél. : +352 621 382 334 (président)

6. Manifestatiounen:

Mir wieren frou, Iech op eisen verschiddenen Manifestatiounen begréissen ze dierfen:

- „**Coupe de Luxembourg**“: **30. Oktober 2016** um 16h00: USH – Progrès Nierkorn
  Am Kader vun der 1/16-Finall an fir eng fantastesch Ambiance am Stade Jos Becker ze kreéieren, organiséiert d'Jugendkommissioun fir all ons jonk Spiller e „***Youth Kop***“, wou mir zesummen ons 1. Ekipp ufiéieren wäerten. Bréngt är Kanner **virun 15h30** op den Terrain fir ons ze ënnerstëtzen.
- „**Kleeschen**“: Den **3. Dezember** vun **14h00-16h00** kënnt de Kleeschen déi brav Kanner an der Buvette vum Stade Jos Becker besichen.
- „**Wanter-Tournoi Indoor**“ an der Sportshal „Am Sand“ zu Nidderaanwen
  - Pupilles: Sonnden, den **27. November 2016**, moies an nomëttes
  - Poussins: Samsdes, den **3. Dezember 2016**, moies an nomëttes
  - Minimes: Sonndes, den **11. Dezember 2016**, moies an nomëttes
  - Bambinis: Sonndes, den **18. Dezember 2016**, moies an nomëttes
  - Jeunes Filles: Samsdes, den **14. Januar 2017**, nomëttes
- „**Summer-Tournoi**“ am Stade „Jos Becker“ zu Hueschtert, de Weekend vum **1./2. Juli 2017**
- „**Stage de Foot**“: an Kooperatioun mat Goals and More vum **21.-25. August 2017**

7. Bénévolat:

Wéi schonn erwähnt géréiert d'Jugendkommissioun hiren eegenen Budget an ënnerstëtzt d'Equipe(n) vun Äre(m) Kand/Kanner finanziell. Den Haaptdeel vun eisem Revenu kënnt vun den Tournoien, déi mir organiséieren.
Duerfir wiere mir frou, wann mir op Är Mathëllef bei engem vun dësen Tournoien kéinten zielen, sief et hannert dem Comptoir, dem Panechersstand, dem Grill oder der Tombola.
Falls Dir intersséiert sidd, eis eng Hand mat unzepaken, zéckt net Iech bei engem Member vun der Jugendkommissioun oder per Mail ze mellen (cdj@ushostert.lu).

8. Kommunikatioun – Billerrecht:

Mir wollten dës Joer och d'Facebook-Säit vun der Jugendkommissioun réaktivéieren, dëst giff een Austausch iwwert d'Matcher vun Ären Kanner erméiglechen. Des Weideren kéinten mer esou Fotoen online setzen, déi wäehrend de Matcher gemaacht ginn.
Wann Dir net domadder averstan sidd, datt Fotoen vun Äere(m) Kand/Kanner publizéiert ginn, wier et léif, wann Dir eis dat iwwert Mail (cdj@ushostert.lu) gifft matdeelen.
D'Jugendkommissioun steet Iech gären fir all weider Fro oder Uregung zur Verfügung.
Mir wënschen Iech na eng exzellent Saison 2016/2017 an hoffen, Iech méiglechst oft um Terrain ze begéinen.

Mat sportlechen Gréiss,
D'Jugendkommissioun vum Hueschterter Fussball

US Hostert a.s.b.l.
Commission des Jeunes
B.P. 59
L-6905 Niederanven

e-mail : cdj@ushostert.lu ou fweydert@best.lu
Tél. : +352 621 382 334 (président)